Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Esou wéi et am Artikel "*Gazprombank assigne le ministre des finances*", deen den 28. November am Lëtzebuerger Land publizéiert gouf, heescht, gëtt de Staat aktuell vu Vertrieder vun där genannter russescher Energiefirma op d'Geriicht geholl. Dat, well 2022 verschidde vun hire Verméigenswäerter am Kader vu Sanktiounen agefruer goufen, obwuel dës Sanktiounen just den deemolegen Détenteur betraff hunn. Weider heescht et, datt den Europäesche Geriichtshaff schonn am September 2024 confirméiert huet, datt déi Verméigenswäerter kënnen deblockéiert ginn.

Nieft deem zitéierte Fall gëtt de Staat och scho vum russesch-israeeleschen Entrepreneur Mikhail Fridman virun engem internationale Schidsgeriicht op Schuedensersaz ugesicht. Schlëmmstefalls riskéiert Lëtzebuerg hei eng Milliardestrof. D'Grondrecht op Eegentum gëtt zu Lëtzebuerg duerch den Artikel 36 vun der Verfassung geschützt. Dës Rechtssécherheet an de Respekt vum Eegentum duerch de Staat stellen ee vun de Gronpiliere fir d'Vertraue vun den nationalen an internationalen Investoren duer. D'Urteeler an all deene Fäll wierken sech deementspriechend och ëmmer op déi eng oder aner Manéier op d'Reputatioun vun der Finanzplaz aus.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi bewäert den Här Minister déi am Artikel beschriwwe Virgäng?
2) Wéi begrënnt den Här Minister déi Decisioun, d'Verméigenswäerter weiderhin ze blockéieren, obwuel e Geriicht anescht decidéiert huet an d'Gazprombank kengerlee Sanktiounen ënnerläit?
3) Wéi bewäert den Här Minister d'Auswierkung vun deenen Decisiounen op d'Vetrauen an de Rechtsstaat souwéi d'Reputatioun vun der Finanzplaz?
4) Geet d'Regierung dovun aus, datt de Staat och an dësem Fall ka virun engem internationale Schidsgeriicht ugesicht ginn? Falls net, wéi begrënnt d'Regierung déi Sécherheet? Falls jo, schafft d'Regierung eventuell op eng Eenegung mat der Géigepartei hin?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup

Deputéierten